



► **M. le Président.**- Merci och dem Här Gibéryen. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss. D'Madame Minister kritt dann nach d'Wuert.

► **Mme Octavie Modert, *Ministre déléguée à la Fonction publique et à la Réforme administrative.***- Jo, Merci, Här President. Ech sinn als Fonction-publique-s-Minister och zoustänneg fir d'Modernisatioun vum Stat, an dann ass et fir mech evident, datt ech net splécke ginn an eng nei Verwaltung opbaue ginn, wou et méiglech ass, Saachen zesummenzeleeën an duerch strukturell Zesummeleeën an Zesummeschaffe méi produktiv ze schaffen.

Dofir hunn ech deem ee Projet de loi zrëckgezunn an einfach gesot, datt de Service des imprimés soll ee Stéck vum dem Centre informatique, dem Centre des technologies de l'information de l'État ginn. Domadder, mat transversaler Reorganisatioun an Neiandeelung vun den Aufgabe sinn dann och Synergie méiglech.

Ech soen der Chamber Merci, datt se d'accord ass, datt elo de Service des imprimés déi nei Besoinen an och déi méi komplex Aufgaben op déi heiten Aart a Weis ganz gutt kann ugoen.

Merci villmools.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Minister.

7. Ordre du jour (suite)

Well mer am Moment e bësselche Problemer mat eiser Maschinn hei hunn, musse mer de Vote da verleeën.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour, nämlech de Projet de loi 6220, eng Convention-cadre iwwert de Patrimoine culturel. Hei ass Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech age-droen: d'Madame Brasseur, den Här Angel an den Här Kartheiser. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Martine Mergen. Madame Mergen, Dir hutt d'Wuert.

8. 6220 - Projet de loi portant approbation de la Convention-cadre du Conseil de l'Europe sur la valeur du patrimoine culturel pour la société, faite à Faro, le 27 octobre 2005

Rapport de la Commission de la Culture

► **Mme Martine Mergen (CSV), *rapportrice.***- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz, dat mer hei virleien hunn, ass am Text denkbar kuerz, et huet nämlech nëmmen ee Saz, an zwar, dass mer d'Convention-cadre vum Conseil de l'Europe iwwert de Wäert vum kulturelle Patrimoine fir d'Gesellschaft, esou formuléiert zu Faro de 27. Oktober 2007, per Gesetz unhuelen.

De Projet gouf vun der Madame Kulturminister de 16. November 2010 déposiert. Et ass also d'Convention-cadre selwer, déi mer musse méi genee ënnert d'Lupp huelen, an dat ass geschitt an der Kulturkommissioun den 18. Januar, nodeem de Conseil d'État säin Avis de 7. Dezember d'lescht Joer ofginn hat. Den 1. Februar ass de Rapport, esou wéi en lech virläit, vun der Kommissioun ugeholl ginn.

Interessant ass virun allem och, dass dee Vote, dee mir haut hei huelen, eng gewësse Wichtegkeet fir d'Konventioun vu Faro huet, well Lëtzebuerg domadder dat zéngt Land ass, dat si ratifiziert, a si dann elo kann a Kraaft trieden.

Et sief och nach gesot, dass si d'Granada-Konventioun vun 1985 enthält, dass et also net méi wäert néideg sinn, dës Konventioun nach eenzel ze ratifizéieren. Dat war nämlech nach net geschitt. Den Text vun der Konventioun réaffirméiert de Prinzip vun der UNO-Mënscherechtskommissioun, dass all Eenzelnen d'Recht huet, um kulturelle Liewen ze participéieren.

Et gëtt fir ons hei am Land domat kee Besoin, fir ons Législatioun ze änneren. Et

ass villméi eng moralesch Obligatioun fir onst Land, fir déi verschidden Instrumenter, déi mer schonn hunn an déi exzellent fonctionnéieren, weiderhin a vläicht besser anzesetzen, fir all Mënschen Zougang zu Wäerter vu Patrimoine a Kultur ze erlaben. Als Beispill hu mer an der Kommissioun d'Journée européenne du patrimoine diskutéiert, déi all Joer méi Leit op déi verschidde Manifestatiounen an Europa an eben och hei zu Lëtzebuerg unzitt.

Nei ass awer d'Definitioun vum Kulturieren, wat vläicht a senger däitscher Expressioun e schlecht Wuert ass mat dëser neier Definitioun; mä op Lëtzebuergesch ass mer kee bessert agefall. Op Däitsch seet een eben „Kulturerbe“. Mä loosst mech kuerz ëmräissen, wat nei an innovativ ass am Verständnis vum Patrimoine culturel.

Et handelt sech net nëmmen ëm reell oder virtuell Ierwen aus der Vergaangenheet, déi ons Kultur geprägt hunn. Et geet villméi och ëm all déi Wäerter, un deenen eng kulturell Communautéit oder en Ensemble vu kulturelle Communautéiten, déi zesummen op engem Territoire liewen, hänkt, déi et derwäert si fir kommend Generatiounen ze erhalen. Et sinn also net nëmmen Objeten, mä och den Ausdruck vun traditionellem Wëssen, Glawen an Traditiounen, esou wéi si iwwert d'Zäite kënnen a sollte virugedroe ginn.

Jiddwereen eenzel an d'Länner, mä och Europa zesumme si mat responsabel dofir a sollten implizéiert sinn. En nohaltege Gebrauch vun dësem Patrimoine féiert zur mënschlecher Entwécklung an zu enger besserer Liewensqualitéit. Et ass dëst also eng individuell a gemeinsam Responsabilitéit an implizéiert de géigesäitege Respekt vun anere Wäerter.

Fir dës Chancë kënnen ze notzen, also de Patrimoine ze gebrauche wéi eng natierlech Ressource, mussen d'Bierger och iwwert d'Wëssen doriwwer verfueg kënnen. An en aneren Objektiv vun der Konventioun ass deemno, dës Wäerter op allen Niveaue vun der Éducation ze vermëttelen, mat deem kllasseschen Trias vun der Léier „knowledge, skills and attitudes“: fachlecht Wësse bäibréngen, dës Dimension applizéieren als Moyaen anert Wëssen ze vermëttelen, a schlisslech se an d'deeglech Praxis afléisse loossen. Heifir kéint een als Beispill Dialekter nennen, oder och handwierklech Techniken, déi op engem Territoire traditionell gewuess sinn an déi anerefalls géife riskéieren, verluer ze goen.

Déi modern Medië sinn och ugeschwat. Si sollten dozou bäidroen, dëst Wësse jiddwerengem accessibel ze maachen.

Dat klängt alles zimlech theoretesch, mä et gi Mechanismen ugeschwat, déi et eigentlech schonn an onse Schoul-Curricula ginn oder misst ginn. An der Kommissioun ass en Heimatkundeunterricht genannt ginn; haut heescht dat d'Classe du patrimoine. A mir hunn ons gefrot, ob an onsem Schoulssystem genuch Accent op dës Zort vu Wësse gesat gëtt.

Wa mer dann nach kuerz den Artikel 7 betruechte vun der Konventioun - an dat komplettéiert och mäi Résumé hei -, gesi mer, dass et virun allem och ëm Dialog geet. Ee kulturelle Patrimoine gëtt net vu jiddwerengem d'selwecht interpretéiert an duergestallt. Nëmmen am Austausch kënnen kontradiktoresch Interpretatiounen vun engem selwechten Objet zu enger konsensueller an toleranter Notzung féieren.

Als praktescht Beispill, a well rezent esou vill driwwer Rieds wor, géif ech wellen d'Gëlle Fra beméien, déi an de Jore vun hirer mouvementéierter Existenz fir verschidde Wäerter stoung an déi vu jiddwerengem iwwert d'Joren am an duerch déi Konflikter am Land an ëm si anescht interpretéiert goufen. Als Resultat...

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Op där ellener Plaz?

► **Mme Martine Mergen (CSV), *rapportrice.***- Pardon?

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Op där ellener Plaz?

► **Mme Martine Mergen (CSV), *rapportrice.***- Jo.

Als Resultat vun all deenen Diskussiounen ëm hir Persoun ass si haut kloer eng Iden-

tifikationsfigur vum Lëtzebuurger kulturelle Patrimoine.

Mir haten och an der Diskussioun eng méi technesch Diskussioun iwwert de Suivi vun dëser oder ähnleche Konventiounen. Et ass an dësem Fall e Comité de suivi virgesi vum Conseil de l'Europe, wat ons national doran net implizéiert. Generell awer wollte mer eng Diskussioun entaméieren iwwert de weidere Werdegang vun anere Konventiounen a Kulturofkomme mat anere Länner.

Ons interesséiert, wat praktesch doraus gëtt, wa mir deem Text emol hei duerch d'Chamber ofgeseent hunn. Dës Diskussiounen proposéiere mer, an deenen nächste Méint ze féieren. A mir hunn och proposéiert, dass déi aussepolitisch Kommissioun, wat d'Ëmsetze vun de Kulturofkommen ubelaangt, dorunner deelhält.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, verschidde Membere vun onser Kulturkommissioun hu proposéiert, ob ee sech net eng méi einfach Prozedur kéint ginn, fir dës Zort vu Konventiounen ze ratifizéieren, well déi kllassesch legal Prozedur eng zimlech laangotmeg ass an ee quant au fond an den Inhalter vun de Konventiounen näischt ännert.

Fir de Moment hu mer awer keng esou eng Procédure simplifiée. An eigentlech waren ons Aarbechten an der Kommissioun dës Kéier rapid. Vum Dépôt vum Gesetz bis zur Ofstëmmung haut si just emol zwee an en hallwe Mount vergaangen, esou dass et ons elo nach bleift, den Text ze stëmmen.

D'Konventioun vu Faro gëtt en optimistische Bléck an d'Zukunft. Op eng Gesellschaft, déi iwwer Dialog an Erzéiung hir Kulturieren, an der Mehrzahl gegebenfalls, op eng nohaltege Aart a Weis asetzt, fir zu méi enger grousser Kohärenz ze fannen.

Ech gi jiddefalls heimadder den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolasschteren.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Wat ass mat der Gëlle Fra, Madame Stein?

(Interruptions)

► **M. le Président.**- Ech soen der Madame Mergen Merci. Als éischt Riednerin ass déi honorabel Madame Anne Brasseur agedroen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech géif gären hei den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet de loi bréngen, well mer selbstverständlech d'accord sinn, dass mer déi Konventioun vu Faro ratifizéieren.

Ech géif just gären zwou Remarqué maachen.

Déi éischt, déi betrëfft d'Konservatioun vum Patrimoine, an zwar de Patrimoine architectural. D'Konventioun vu Faro geet vill méi wäit. Mä mir hunn nach als Chamber eng grouss Hausaufgab ze maachen. Mä ech mengen, virdru muss d'Regierung sech selwer eens ginn, wat se mam Gesetz iwwert de Patrimoine mécht.

Et wor e Projet de loi déposiert ginn. Mir hunn deem undiskutéiert. An do hat d'Regierung virgesinn, ënnert der Fieder vun der Madame Octavie Modert, dass all Immeuble, dee méi wéi 50 Joer al wier, misst op den Inventaire supplémentaire kommen. Mir hunn ons zu enger Rei dergéint gewiert, an zu Recht gewiert. Well ech wëll hei soen: Net alles, wat al ass, ass gutt.

► **Mme Octavie Modert, *Ministre de la Culture.***- Dat war en Amendement vun der Kommissioun.

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- An alles, wat...

► **Mme Octavie Modert, *Ministre de la Culture.***- An et war och esou do diskutéiert ginn. Et war net vu mir komm.

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Also, ech weess net, Här President. D'Madame Minister ënnerbrécht mech, mä d'Madame Minister därer awer selbstverständlech d'Wuert huelen, wa mer déi Minutten awer da guttgeschriwwen ginn.

► **M. le Président.**- Ech mengen, d'Madame Minister hält herno Positioun, wann all Riedner interpelléiert huet.

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Jo, gutt.

► **M. le Président.**- Fuert Dir elo emol virun, Madame Brasseur!

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Jo.

Dat wor natierlech e Projet, dee Gott sei Dank dunn net zum Droe koom. Et huet keng Majoritéit sech fir deem Text fonnt. An ech wollt awer elo froen, wou mer mam Text dru wieren, well deem Text, deem deemools vun der Regierung déposiert ginn ass, hat nach ganz aner Problemer. An zwar woren d'Ambitiounen fir d'Protektioun vum Patrimoine enorm héich, mä d'Moyenen, déi de Stat sech selwer ginn huet, fir dat ze errechen, woren net ginn.

An do hätten zum Beispill d'Gemenge missen dem Stat seng Aufgab maachen. Dat kann awer net sinn. Mir mussen do kucken, e verstännegen Text ze kréien, mat deem mer och den Développement vun onsen Dierfer an onse Stied weider kënnen garantéieren, well - ech widderhuelen et nach eng Kéier - : Net alles, wat al ass, ass schéin, an net alles, wat al ass, ass erhalenswäert.

Well wa mer esou gefuer wieren, da géif d'Chamber net hei stoen, well déi Zäit op dëser Plaz eppes aneschtlers wor. Dat also: Wéi wäit ass et mat engem neie Gesetzesprojet? Wéi wäit ass d'Regierung do drun? Dat ass meng éischt Remarque.

Meng zweet Remarque, Här President, déi betrëfft d'Konventiounen am Allgemengen. Mir hu säit den 90er Jore ganz vill Konventiounen als Land ënnerschrifwen, mä nach net ratifizéiert. D'Madame Stein huet elo grad an hirem mëndleche Rapport ugeschnidden, dass mer vläicht d'Prozedur misste simplifizéieren.

Mä de Problem läit net hei an der Chamber. De Problem läit beim Dépôt. Et ginn einfach keng Gesetzer preparéiert, fir dass mer hei kënnen an der Chamber da finalement e Gesetz stëmmen, fir dass mer se kënnen ratifizéieren.

Dofir hunn ech zesumme mat dem Fraktionspresident vun der Demokratescher Partei, dem Xavier Bettel, eng Demande gestallt, un lech Här President - ech hu signéiert a menger Qualitéit als Member vun der Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe -, dass d'aussepolitesch Kommissioun soll zesummekommen an dass mer den Här Ausseminister invitéieren, fir dass en ons soll soen, wéi den Timing ass, wéi de Programm ass zu der Ratifikatioun vun de Konventiounen.

Well ech mengen, do misste mer ons d'Moyenen eng Kéier ginn a mat System do derduerch goen, well déi Visitekaart, déi mir als Lëtzebuerg ofginn doduerch, dass mer Konventiounen signéieren an net ratifizéieren, ass keng gutt Visitekaart fir d'Land. An ech mengen, et wier héich Zäit, dass mer do och zu enger Konklusioun kéimen.

Dat sinn déi zwou Remarquen, déi ech zu dësem Projet wollt maachen. Merci, Här President.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Brasseur. Als nächste Riedner ass den Här Marc Angel agedroen. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Angel (LSAP).**- Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer gläich am Ufank der Dokter Mergen Merci ze soe fir hire prezise mëndlechen a schrëftleche Rapport. D'Dokter Mergen huet mat Recht geschriwwen, dass dës Convention-cadre iwwert de Wäert vum Kulturierwe fir d'Gesellschaft am Fong eng Verlagerung ass vun der Fro, firwat a fir wien de Patrimoine culturel wichteg ass, hin zur Fro, firwat a wéi de Patrimoine culturel erhalte soll ginn an no wéi enge Methoden.

Wat och nei ass bei dëser Konventioun vum Europarat, ass d'Iddi, dass d'Wëssen an d'Notze vum Patrimoine culturel e Recht ass vun de Biergerinnen a vun de Bierger, um kulturelle Liewen deelzehuelen. De Mënsch soll also Notzen aus dem Patrimoine culturel zéien, an dat soll zu senger Beräicherung bäidroen.

Et ass, mengen ech, genau heiduerch, dass et en öffentlechen Interessi um Patrimoine gëtt. An et ass déi Tatsaach, mengen ech och, déi et legitiméiert, dass mer gutt Gesetzer brauchen, fir de Patrimoine ze



schützen, fir en ze erhalen a fir dat Ganzt dann och ze finanzéieren. Vu dass et sech hei ëm eng Convention-cadre handelt, beinhaltet se keng prezis Regeln, mä éischter Recommandatiounen. Recommandatiounen, déi déi Länner, déi dës Konventioun ënnerschriwwen hunn an approvéeieren, an hire jeeweilegen nationale Législatioun solle respektéieren.

Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, am Exposé des motifs vun dësem Projet de loi, iwwert dee mer elo ofstëmme, geet och Rieds iwwer eis national Législatioun, dat heescht d'Gesetz vum 18. Juli 1983 iwwert d'Konserveieren an de Schutz vum Patrimoine. Erlaabt mer e Saz aus deem Exposé des motifs ze zitéieren, vun deem Gesetz, wat mer haut stëmme. Do steet dran: «Comme la loi de 1983 ne correspond plus complètement à la situation actuelle, elle est en voie de renouvellement.»

D'Madame Brasseur huet zu Recht gesot, dass déi lescht Kulturkommissioun vill un deem Gesetz geschafft huet. Ech hunn awer och d'Regierungserklärung nogelies vun 2009. An do steet ganz prezis dran, wat d'Regierung wëlles huet, dass se seet, dass en neit Gesetz gestëmmt gëtt, dass awer och parallel Assisè vun der Protection du patrimoine organiséiert ginn, dass all déi Mesuren, déi d'Regierung wëlles huet, sollen accompagnéiert ginn duerch eng grouss Campagne de sensibilisation. Ech mengen, dat ass eppes ganz Wichtiges. An dat, wat ech an der Regierungserklärung nogelies hunn, ass scho genau am Sënn vun där Konventioun, déi mer haut hei sollen unhuelen.

Ech hu mer déi Remarquen hei erlaabt, well ech der Meinung sinn, dass dës Convention-cadre eis elo soll a muss Uleies ginn, eis Législatioun hei zu Lëtzebuerg ze moderniséieren.

An ech mengen, mir hate ganz kuerz an där leschter Kulturkommissioun Rieds doriwwer, an d'Madame Presidentin vun der Kommissioun huet dat och ugekönneg, dass mer mat deenen Aarbechten... dass mer deen Dossier eng Kéier géifen oprullen.

Ech wollt nach eng aner Remarque maachen. Och d'Gemengeresponsabel solle sech dës Konventioun zu Häerz huelen, besonnesch wa se an der noer Zukunft hir PAGen ausschaffen, well d'Literatur ronderëm dës Konventioun, déi ënnersträicht d'Wichtigkeet vun de lokalen Acteure beim Schutz a Konservéiere vun kulturellen Ierwen. Schutz vum Patrimoine culturel ass eng nobel Aufgab fir d'Politik, mä awer och eng schwéier, well et drëms geet, d'Rechter vum Eenzelen - an hei geet et ëm Propriétéitsrechter - an Aklang ze bréngen mat der Allgemeinheit.

Interessant ass den Artikel 14 vun dëser Konventioun, well ee ganz Kapitel iwwert d'Société de l'information geet, wou gesot gëtt: Mir müssen d'Techniques numériques weiderentwéckelen, fir den Accès zum Patrimoine culturel ze verbessern. An et geet och drëm, dass d'Informatik soll eng richtig Roll spille bei der Lutte géint den illegalen Handel vu Kulturgüter. An et geet drëm, dass an deene leschte Joren e ganze Patrimoine entstanden ass, deen net materiell ass, deen et nëmme numérique gëtt, deen et nëmme op Support-informatique gëtt. An do muss ee sech och Gedanke maachen, wéi een dat pérennisiere kann.

Dann ass nach e ganz interessanten Artikel, fannen ech, am Artikel 8, de Punkt d. Dee seet - an do kucke se an d'Zukunft -, wat déi contemporain Kreatiounen ugeet, dass een do soll op eng Qualité architecturale setzen. Ech fannen dat interessant, dass et eng Konventioun ass, déi net nëmme no hanne kuckt, mä och seet: Passt op, et soll ee roueg och nei Saache bauen, mä passt do op d'Qualitéit op.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'LSAP-Fraktioun stëmmt dëse Projet selbstverständlech mat. D'Konventioun vum Europarat si wichteg Instrumenter. Besonnesch déi kulturell Konventioun vum Europarat sinn haut nach, mengen ech, d'Grundlag fir déi gesamt Kulturpolitik an Europa an hunn natierlech e groussen Afloss op déi vill EU-Kulturprojeten a -programmer.

Ech sinn also frou, dass déi Zesammenaarbecht tëschent dem Europarat an der

EU am Beräich Kultur op eng laang Tradition zrëckbléckt, genausou wéi d'Zusammenaarbecht tëschent der Lëtzebuerger Kulturpolitik an dem Europarat och op déi Traditionen zrëckbléckt.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Angel. Als leschte Riedner ass den Här Fernand Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, léif Kolleegen, am Numm vun der ADR wëll ech och der Madame Rapporteur villmools Merci soe fir hire Rapport, an och soen, datt mir als ADR d'accord si mat dësem Text. Ech wëilt och vläicht e puer Bemierkunge maachen.

Eng éischt betrëft d'Natur vun dësem Text. Dat ass e politeschen Text, et ass e programmatischen Text. Et ass awer sécher keen, deen et géif verdéngen, an eng juristesche Form gegoss ze ginn. U sech bräichte mer dat hei net als Konventioun ze ratifizéieren. Eng Konventioun soll en normative Wäert hunn.

Ech mengen, deen Text, dee mir elo hei virleien hunn, ass gläichzäitig och eng Verkennung eigentlech vun deem, wat d'Diplomatie soll leeschten, wat se ka leeschten, an et ass eng Vermeschnung tëschent Politik a Programmatik an diplomateschen Instrumenter. Mir sinn an enger schwéierfälliger Prozedur, déi mer net bräichten.

Eng zweet Bemierkung betrëft den Ëmgang mam Patrimoine. Mir hunn eng Rei Gesetzter hei, déi eis Regierung awer nullement interesséiert hunn, wou et zum Beispill drëm gaangen ass, en nationaalt Monument ze schützen. D'Madame Rapporteur huet d'Beispill vun der Gëlle Fra genannt. Ech wëll just drun erënneren, datt dat en nationaalt Monument ass a selbstverständlech net hätt dierfen zu kommerziellen Zwecker benotzt ginn.

Mir kënnen Gesetzter stëmme, mä wann d'Regierung sech net un déi Gesetzter hält, da froen ech mech allerdéngs, mat wéi engem moralesche Virbild se de Schutz vum Patrimoine wëllt liewen.

(**Interruption**)

An eng drëtt Bemierkung: Ech hoffen awer, datt mer elo e puer positiv Impulser aus dëser Konventioun awer kënnen erauszéien, zum Beispill, datt mer och an d'Richtung denken, fir al Handwierksberufener nei ze beliewen. Dat ass eppes, dat net nëmme d'Madame Kulturminister ugeet, mä och d'Madame Éducatiounsminister, datt mer och vläicht kënnen méi investéieren an d'Restauration vum eisem Patrimoine, och mat gutt ausgebildeten Handwierker an deem Beräich.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun. D'Madame Minister wëllt nach vläicht Stellung huelen. Madame Minister, wann ech gelift.

► **Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture.**- Merci, Här President. Ech soen der Chamber an och der Kulturkommissioun Merci, datt se ëmmer hëllefen, sämtlech Konventiounen vum Conseil de l'Europe, déi de Kulturberäich uginnt, séier an zügig ëmzesetzen. Dat hei ass een neit Beispill do derfir.

Mir sinn dann domadder och déi, déi erlaben, datt déi Konventioun hei kann tëschent de Memberstate vill méi séier a Kraaft trieden, well mir eis Prozedur hei séier virugedriwwen hunn. An et ass eng wichteg Konventioun, well se hëlleft, ze sensibiliséieren an ze weisen, datt et wichtig ass, d'Transmissioun, also d'Viruginn un déi Jonk, vun der Bedeitung vum Patrimoine culturel matanzebezéien.

An dat ass net nëmme de Patrimoine bâti. Deen ass et natierlech och. A wann ee seet: „Net alles, wat al ass, ass schéin“, mä dann och: „Net alles, wat nei ass, ass schéin“. An do, mengen ech, muss een déi richtig Balance halen. Mir hunn d'Instrumenter, fir den Inhalt vun där Konventioun hei ëmzesetzen. Mir schaffen un neien drun an och um Virundreiw vum Neimaache vum Gesetz vun '83.

Merci villmools fir Ären Accord.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Minister. Den Här Bettel freet nach d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Merci, Här President. Hei ass e puermol d'Wuert vun der Gëlle Fra gefall. An dofir wier ech och interesséiert ze wëssen, wat eis Kulturministesch da vun där Plaz hält, wou d'Gëlle Fra elo ass. Well jo eng ganz Polemik lancéiert ginn ass, vun enger Partei hei an der Stad, wollt ech och froen, ob se ganz kuerz eis do eng Äntwert kéint ginn.

► **Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture.**- Doriwwer brauch een näischt ze soen. Dat ass Gemengepolitik.

► **M. le Président.**- Ech mengen, dat ass elo haut net onbedéngt de Sujet vun der Diskussioun.

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh! Aaahhh!

9. Ordre du jour (suite)

► **M. le Président.**- Mir kënnen leider och nach net zum Vote iwwert dëse Projet kommen. Dat soll awer an e puer Minuten de Fall sinn. En attendant hat d'Madame Err d'Wuert gefrot, fir eng Motioun ze déposéieren.

10. Dépôt d'une motion par Mme Lydie Err

► **Mme Lydie Err (LSAP), auteur.**- Merci, Här President. Ech wëll ganz kuerz eng Motioun hei déposéieren a se virstellen.

D'viregt Woch war am Conseil de l'Europe e Bericht iwwert den «traitement inhumain de personnes et le trafic illicite d'organes humains au Kosovo». Do ass et drëms gaangen, dass de Moment europäesch Autoritéiten amgang sinn opzeklären, an Zesummenaarbecht mat der EULEX, wat an deene schwierege Joren am Kosovo lass war, wou Leit an Détention secrète gehale gi sinn an, esou wéi et schéngt, elo erweisen ass, dass 6.000 Leit, déi verschwonne sinn, ganz vill wahrscheinlech derzou gedéngt hunn, en illegale Mënschenhandel mat den Organer ze dreuwe vun deene Leit.

Dat ass natierlech eng dramatesch Situation, a mir sinn opgefuerdert ginn an enger Resolutioun, déi zu Stroossbuerg ofgestëmmt ginn ass, all Memberstat soll säint derzou bäidroen, fir déi Fäiten, déi do passéiert sinn, opzeklären; fir d'EULEX ze ënnerstëtzen; an dat froe mer also hei an dëser Motioun, déi ënnerschriwwen ass vun alle Memberen aus der Lëtzebuerger Delegatioun zu Stroossbuerg.

Mir froen eis Regierung, op alle Plazen, wou et méiglech ass, wahrscheinlech haaptsächlech um europäeschen Niveau, derfir ze suergen, dass d'Moyenen an d'Kompetenzen un d'EULEX esou definiert ginn, dass d'Opklärung vun dësen iwwer 6.000 Disparitiounen ka realiséiert ginn, an dass mer de September eventuell vun eiser Regierung hei presentéiert kréien, wou d'Affär drun ass a wat Lëtzebuerg derzou bäigedroen huet, fir dass déi Opklärung erbäikéint.

Merci.

Motion

Considérant

- que pendant la session de l'APCE du 24 au 28 janvier 2011 le rapport «Le traitement inhumain de personnes et le trafic illicite d'organes humains au Kosovo» a été discuté et une résolution adoptée;

- que ladite résolution votée invite les États membres à soutenir le combat contre l'impunité des auteurs de violations graves des droits de l'Homme en soulignant qu'il ne doit pas exister une justice des vainqueurs et une justice des vaincus;

- qu'au Kosovo il y a 6.000 dossiers de disparitions ouverts par le Comité international de la Croix-Rouge;

- qu'un groupe de travail existant a besoin du soutien de la communauté internationale pour que l'enquête indépendante puisse continuer afin d'éclaircir le sort desdits disparus;

- que pour qu'une telle impunité ne soit pas possible un rôle essentiel revient à l'EULEX, la Chambre des Députés invite le Gouvernement

- à œuvrer dans les enceintes internationales pertinentes pour permettre l'élucidation de l'affaire en question qui touche aux droits de l'Homme à savoir:

- à allouer à EULEX les ressources nécessaires, logistiques et en personnel hautement qualifié, pour faire face à la mission extraordinairement complexe et importante qui lui a été confiée;

- à fixer à EULEX un objectif clair et à lui accorder un soutien politique au plus haut niveau pour combattre le crime organisé sans compromis, et pour que la justice soit rendue, sans aucune considération d'opportunité politique;

- à engager tous les moyens nécessaires pour instituer des programmes efficaces de protection des témoins et

- à faire rapport à la Chambre à la rentrée parlementaire en octobre 2011.

(s.) Lydie Err, Fernand Boden, Anne Brasseur, Norbert Hauptert, Jean Huss, Marc Spautz.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Err. Mir kommen dann elo zum nächste Projet de loi 6060 iwwert déi géigesäiteg Unerkennung vu Rechtspriechnungen. Hei ass d'Riedezeit nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo just ageschriwwen den Här Bettel. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

11. 6060 - Projet de loi relative à la reconnaissance de jugements en matière pénale ayant prononcé des peines ou des mesures privatives de liberté aux fins de leur exécution dans un autre État membre de l'Union européenne

Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mat dem Gesetzesprojet 6060 hält de gemeinsamen europäesche Rechtsraum weider konkret Formen un.

D'Prisongsstrofen, déi an engem europäesche Land vun engem Gericht gesprach ginn, müssen an deem anere Land ouni vill prozeduraalt Gedeessens kënnen exekutéiert ginn. Een Uerteel, wat zum Beispill vun engem Strofgericht vun Athen gesprach gëtt, kritt hei am Land dees selwechte Stellwäert, wéi wann dat Uerteel zu Dikrech gesprach gi wier. Déi géigesäiteg Unerkennung vu Gerichtsuerteeler ass deemno och e Kärstéck vun der internationaler Justizsummenaarbecht.

Nieft dem Gesetz iwwert den europäeschen Haftbefehl aus dem Joer 2004 an dem Gesetz vun 2010 iwwert déi géigesäiteg Unerkennung vu Geldstrofe kréie mir elo hei am Land een drëtt Gesetz, dat déi géigesäiteg Unerkennung vu Strofuerteeler bannent der Europäescher Unioun regelt. Et sinn dat konkret Beispiller vun engem europäesche Rechtsraum. Dat bedéngt tëschent de Länner e géigesäitegt Vertrauen an déi jeeweileg Gerichtsinstanzen. Et heescht awer och eng géigesäiteg Akzeptanz vun dem Strofrecht an der Strofprozedur.

Här President, éischstens ass de sougenannten Transfert vu Prisonnéier als solch net nei. En ass schonns an enger internationaler Konventioun vum Europarat aus dem Joer '83 festgeluecht, där eist Land och '87 bäigetrueden ass. Mat der europäescher Kaderdécisioun aus dem Joer 2008, déi mir mat dësem Gesetzesprojet also eent zu eent ëmsetzen, ginn d'Konditiounen fir en Transfert vum Prisonnéier europawäit harmoniséiert a vereinfacht.

Bis elo hat am Kontext vun der Konventioun vum Europarat aus dem Joer '83 de Prisonnéier d'Initiativrecht, fir een Transfert an de Prisong vun engem anere Land unzefroen. Elo kréien d'Memberstaten d'Recht, fir den Transfert ze froen.

Déi grouss Neierung vun dësem Gesetzesprojet ass déi, dass een auslännescht Uerteel, wat eng Prisongsstrof festleet, automatesch, dat heescht ouni weider Appré-